déi Lénk

Communiqué

Lëtzebuerg, den 2. Juni 2023

Eng Aktiounswoch fir de Logement.

Vum 27. Mee bis de 5. Juni hu sechs Sektioune vun déi Lénk uechter d'Land Aktiounen organiséiert fir déi katastrophal Logementspolitik op Gemengen- a Regierungsniveau ze denoncéieren. Leerstand, Spekulatioun an de Mangel un abordabelem Wunnraum maachen et fir vill Leit onméiglech nach zu Lëtzebuerg Fouss ze faassen.

Dat aalt Kommissariat an der Nordstrooss zu Esch, déi al Tankstell an der Escher Strooss zu Suessem, d'Eucosider-Friche zu Péiteng, d'Kräizung vun der rue Jean Pierre Gansen an der rue des Ligures zu Déifferdeng oder de 47 rue de la Lavande um Kierchbierg an der Stad sinn alles Plazen déi eppes gemeinsam hunn: et si Symboler vun enger gescheiterter Logementspolitik. Op all deene Plaze kéint nämlech abordabele Wunnraum geschaaft ginn.

Well déi meescht vun deene Plazen entweder dem Staat oder der Gemenge gehéieren ass et ëmsou méi onverständlech dass säit Joren näischt op deene Plaze geschitt fir konkret géint d'Wunnengsnout virzegoen. Virun engem Joer haten déi Lénk schonn ee „Programme d'urgence logement"[1] ausgeschafft mat siwe konkrete Virschléi fir séier abordabele Wunnraum ze schafen. Déi Outilen, déi mer an eisem Programm proposéieren, ginn et deels schonn (Spekulatiounssteier, staatlech Hëllefe fir Gemengen déi abordabele Wunnraum wëlle schafen…) a kéinten direkt benotzt ginn.

déi Plazen, déi d'Sektioune vun déi Lénk sech erausgesicht hunn fir dës Aktioun sinn also Sënnbiller vum Laisser-faire bei der Logementspolitik an dat obwuel de Logement déi éischte Suerg bei de Leit zu Lëtzebuerg ass, wéi d'Sondagen dat säit Joren ënnersträichen.

De Méinde 5. Juni schléisst d'Stater Sektioun vun déi Lénk eis Aktiounswoch Logement of mat enger leschter Aktioun virum engem eidelen Haus um 47 rue de la Lavande, dat der Gemenge gehéiert.

déi Lénk musse feststellen, dass Logement zwar ee Walkampf Thema ass, mee dass déi grouss Parteien ausser schéi Spréch näischt proposéieren. Eis Proposen si konkret a kënnen direkt ëmgesat ginn.

[1] https://dei-lenk.lu/2022/04/21/7-moossnamen-fir-seier-wunnraum-ze-schafen/